adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4640
Reçue le 08.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.07.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Privatpersounen hunn zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet, een Objet ënner Denkmalschutz stellen ze loossen. Si mussen eng Demande un de Kulturministär adresséieren, deen dann entscheet, ob der Ufro zougestëmmt gëtt oder net.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1) Wéi vill esou Ufroe sinn iwwert déi lescht Joren un de Kulturministär adresséiert ginn? Wéi vill waren dat der am Schnëtt pro Joer?

2) Wéi vill Ufroe kruten eng positiv, wéi vill eng negativ Äntwert?

3) Wéi laang dauert et an der Reegel, bis eng Entscheedung getraff ass?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°4640
Reçue le 23.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 23 AOUT 2021

Réf. : 839xe23c0

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4640 du 8 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4640 du 8 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de demandes privées de classification d'objets, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 4640

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4640 vum 8. Juli 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Zanter dem Joer 2016 goufe fir ronn 600 Objeten eng Ufro vu Privatleit beim Kulturministère gemaach fir eng Denkmalschutzprozedur unzefänken. Am Joer 2016 waren et 80, an am Joer 2020 eng 180 Ufroen. Al Joer ass d'Zuel vun den Ufroe geklommen.

Iwwer 90 % vun den Ufroe goufe positiv aviséiert an hunn zu engem Denkmalschutz gefouert.

D'Dauer fir d'Prozedur ass ënnerschiddlech a ka vun Dossier zu Dossier variéieren. Et gi vill Facteuren déi matspillen, ënnert anerem d'Urgence, d'Reaktioun vun de Proprietären an d'Unzuel vun den Demanden déi grad virleien. An der Moyenne dauert eng Prozedur fir eng Aschreiwung op den inventaire supplémentaire eng 5-6 Méint. E Klassement als monument national dauert tëscht 14 a 24 Méint.